verschidde Kategorië vu Fligerdeeler vir. Dës Adaptatioun ass duerch d'Ratifikatioun vun der Convention du Cap, déi de Kolleeg Marc Angel am Fréijoer hei presentéiert huet, noutwendeg ginn. D'Gesetz vun 1978 hat d'Hypothéik vun de Fligeren, déi duerch d'Konventioun vu Genève vun 1948 an d'Liewe geruff gouf, an eis Législatioun hei verankert.

Dës Hypothéik ass e wichtegt Instrument, wat et eiser Fligergesellschaft erlaabt, de Finanzement vun hiren deiere Fligeren iwwerhaapt ze assuréieren. D'Hypothéik op de Fligere gëtt de Kreditgeber, dat heescht de Banken, ähnlech, fir net ze soen, déiselwecht Garantië wéi bei enger Immobilienhypothéik. Dernieft assuréiert se awer och nach d'Mobilitéit vum Fliger, op deem d'Hypothéik berout; wat äusserst wichteg ass, well de Fliger, deen um Buedem immobiliséiert ass an net fléie kann, kengem eppes notzt.

D'Haaptobjektiv vun der Konventioun vum Cap huet dora bestanen, fir der Bank d'Kontinuitéit vun der Exploitatioun vum hypothekéierte Fliger ze assuréieren an esou d'Revenuen, déi doduerch entstinn, net ze beeinträchtegen. D'Konventioun fixéiert eenheetlech Regelen, fir d'Erstellung an d'Aschreiwung vun esou enger Hypothéik, déi bis elo vun deenen eenzelnen nationale Gesetzer bestëmmt goufen an nëmmen téschent de Staten, déi d'Konventioun vu Genève ënnerschriwwen haten, gegollt hunn.

Eng vun de fundamentalen Neierunge vun der Konventioun vum Cap besteet doranner, datt déi zwou Parteien um Finanzement, dat heescht d'Bank an d'Fluggesellschaft, am Viraus, dat heescht dee Moment, wou de Kredit accordéiert gëtt, eng Défaillance vum Emprunteur kënne virgesinn a Mesurë kënne festleeën, wat mam Fliger geschéie soll, wann de Propriétaire mam Bezuelen net méi nokënnt.

Dëst erlaabt der Bank séier d'Kontroll iwwert den hypothekéierte Fliger ze kréien, dat heescht de Fliger erëm esou schnell wéi méiglech un d'Fléien ze kréien; dat selbstverständlech am Respekt mat den internationale Virschrëften, wat d'Sécuritéit ubelaangt. Staten, déi d'Konventioun vum Cap ënnerschreiwen, si verflicht, der Bank déi néideg Hëllefen ze leeschten, fir datt si hir Rechter, déi se iwwert d'Konventioun an och den additionelle Protokoll kritt hunn, esou séier wéi méiglech kënne geltend maachen.

Et ass e wichtegt Gesetz fir eis national Fluggesellschaften, dat et hinnen erlaabt, an Zukunft d'Uschafe vun hire Fligere méi bëlleg finanzéiert ze kréien, well de Kredit, deen d'Banken hinnen accordéiert, mat besser Garantië versinn ass.

D'Chamberskommissioun huet mäi Rapport den 3. Juli eenheetlech ugeholl. Si proposéiert selbstverständlech der Chamber dëst Gesetz ze stëmmen esou wéi et virläit. Ech bréngen heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Ech si sécher, dass Der mer alleguerte bäiflicht, wa mer dem Här Norbert Haupert Merci soe fir dee Rapport. Et ass net ëmmer e Cadeau, fir bei esou Projete Rapporteur ze spillen. Hie mécht dat ëmmer an hie mécht dat gutt. Dofir gebührt him eise Respekt an eisen Dank.

(Interruption et hilarité)

Huet nach een eppes bäizefügen?

(Négation)

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi, deen den Här Haupert eis elo just presentéiert huet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5698B ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Sauber), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par Mme Claudia Dall'Agnol), Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Second vote constitutionnel iwwert de Pacte logement.

Wie freet d'Wuert zu dësem Projet?

(Interruption)

Selbstverständlech, Här Kox. Wann Dir d'Wuert frot, da kritt Dir dat. Huelt lech och roueg Zäit, fir dass näischt geschitt.

(Interruptions)

Mä lauschtert emol, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn eng Diskussioun vun dësem Projet virgesinn. Jiddfereen, dee sech zu dësem Projet wëllt zu Wuert mellen, dee soll sech aschreiwen.

Här Kox, et ass esou, dass et geschéngt huet, dass kee sech hei zu Wuert géif mellen, bis Dir lech gemellt hutt. Wa mer awer elo eng Diskussioun féieren, dann, denken ech, sollt een der Rei no fueren.

Här Kox, et deet mer leed. Mir kënnen och, Här Haupert, wann Der wëllt, den Här Kox fir d'éischt schwätze loossen, well en...

(Interruptions)

Da fuere mer schéin der Rei no. Den Här Rapporteur huet fir d'éischt d'Wuert. Här Haupert, wann ech gelift.

9. 5696 - Projet de loi portant: 1. promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes, 2. sur le droit d'emphytéose et le droit de superficie, 3. modification a) de la loi modifiée du 16 octobre 1934 concernant l'évaluation des biens et valeurs; b) de la loi modifiée du 1er décembre 1936 sur l'impôt foncier; c) de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement; d) de la loi modifiée du 10 décembre 1998 portant création de l'établissement public dénommé «Fonds d'assainissement de la Cité Syrdall»; e) de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation; f) de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain; g) de la loi du 21 septembre 2006 sur le bail à usage d'habitation et modifiant certaines dispositions du Code civil

- Second vote constitutionnel

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, am Fong geholl wollt ech net Stellung zu dësem Projet huelen, mä wann d'Diskussioun schonn opgeet, dann erlaabt mer trotzdeem kuerz drop anzegoen.

Also et ass den zweete Vote zu engem Projet de loi, dee mer am Summer hei an enger éischter Lecture ofgestëmmt hunn. Fir de Projet hat am Fong geholl de Statsrot nach, no all deenen Amendementer, déi mer proposéiert hunn, finalement dräi Oppositions formelles virgesinn. Déi éischt war déi, déi d'Virkafsrecht vun de Gemengen an dem Fonds du Logement op deenen Terrainen hunn, déi un de Bauperimeter vun der Gemeng ugrenzen.

Eng zweet huet d'Taxe d'obligation de construire als Alternativ zur Expropriatioun bedeit an eng drëtt war déi, datt de Stat amplaz vun de Gemenge kéint Expropriatiounen, am Fall vun enger Obligation de construire, virhuelen.

Mir haten an der Chamberskommissioun am Rapport versicht, mat deenen néidegen Argumenter déi Oppositioune vum Statsrot - oder wéinstens d'Meenung vum Statsrot - kënnen ze änneren. De Statsrot huet awer, a senger Décisioun vun der Dispens vum zweete Vote constitutionnel, déi Dispens net ginn, wat säi Recht ass, an duerfir musse mer haut eng zweete Kéier heiriwwer ofstëmmen.

Ech wier frou, wa mer kéinten dee Projet an der zweeter Lecture esou ofstëmmen, wéi mer en an der éischter Lecture virgeholl hunn, an ech bréngen och heimat den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Haupert. Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Berger. Ech wëll lech soen, dass mat deene Wuertmeldungen, déi ech bis elo hunn, d'Debatt sech ongeféier iwwer eng Stonn hinzéie wäert, fir dass jiddferee sech kann ariichten. Den Här Berger huet elo d'Wuert.

Discussion générale

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, virun iwwer dräi Méint hu mer jo schonns eng Kéier hei an der Chamber iwwert de virleiende Projet, de sougenannten „Pacte logement" debattéiert an ofgestëmmt. Well awer deemools d'Majoritéitsparteien, d'CSV an d'LSAP, iwwert d'Bedenke vum Statsrot ewechgaang waren an och déi verschidden Oppositions formelles vun der héijer Kierperschaft ignoréiert haten, musse mer haut nach eng Kéier iwwert den Text befannen.

Ech verstinn, datt d'Leit presséiert sinn, mä ech fannen, datt et awer e wichtege Sujet ass, besonnesch wann ee muss en zweete Vote huelen, a mer eis also dann Zäit sollen huelen, fir nach eng Kéier hei iwwert deen Text an aller Serenitéit kënnen ze debattéieren.

Une voix.- Très bien.

M. Eugène Berger *(DP).*- D'Regierung an d'Majoritéitsparteie kruten also Bedenkzäit, mä dat huet awer näischt gehollef, well jo kee Jota um Text geännert ginn ass. D'Positioun vun der Regierung huet net geännert an där leschter Zäit an et wäert lech net wonneren, datt d'DP also och net hir Meenung geännert huet zu deem Text.

Ouni am Detail op all Awänn a Remarquen zum Text anzegoen, wëll ech nach eng Kéier e puer wesentlech Punkten ervirsträichen. Interessant ass et awer och, an dat ass dann aktuell, fir e Bléck ze werfen op d'Situatioun um Terrain, fir ze kucken, wat fir eng Evolutioun mer dann elo an deene leschte Méint och ouni Pacte logement konnte feststellen.

Et ass ganz interessant, gëschter an der Chamberskommissioun vun de Classes moyennes hate mer en Austausch mat Leit vum Observatoire de l'Habitat, déi déi lescht Entwécklungen um Terrain kommentéiert a chiffréiert hunn. Eng Feststellung, déi ee ka maachen: Mir hunn effektiv eng Stabilisatioun vun de Präisser säit e puer Méint.

Et kéint een och soen, et huet een eng manner grouss Progressioun vun der Deierecht. Am Vergläich mam Virjoer hu mer awer nach +5% Deierecht bei Appartementer, +3% Deierecht bei den Haiser. Dat am Vergläich mat dem Virjoer; ech beruffe mech op déi Zuelen, déi mer gëschter an der Kommissioun gesot kruten.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Och interessant, den Här Minister Boden hat an engem Face à face op RTL - ech mengen et war den 10. oder 11. Juni - gesot, déi liicht Präisstabilisatioun, dat wier schonn den éischten Effet vum Pacte logement. Dat kann een also och nolauschteren an den RTL-Archiven.

Ech fannen dat zimlech bosseg, well de Pacte logement war an ass jo och de Moment nach net gestëmmt, an do hat dann den Här Boden wahrscheinlech sech a Wonschdenke geübt.

Ech interpretéieren déi Zuelen awer anescht wéi den Här Boden. Virun allem, schéngt et mer, si se en Effet vun der ofhuelender Kafkraaft vun den eenzelne Bierger a Stéit hei zu Lëtzebuerg. Well en anere Constat, deen ee parallell ka maachen, dat ass, obwuel d'Haiser manner progresséieren an der Deierecht, datt der awer net méi verkaaft ginn. Au contraire, de Verkaf vun den Haiser geet zréck.

Et kéint ee jo soen, dat ass well elo jiddfereen da seng Wunneng huet. Dat ass awer och net de Fall, well op där anerer Säit stellt ee fest, datt d'Locatiounen amgaang si ganz staark zouzehuelen. D'Leit hei am Land sichen also ëmmer nach eng Plaz fir ze wunnen an trotz enger Präisstabilisatioun sti vill Familljen, besonnesch an der Mëttelschicht, déi jo och ëmmer méi mat hirer ofhuelender Kafkraaft an d'Quëtsch kommen, viru grousse Problemer sech en Eegenheem kënnen ze leeschten.

Sécherlech kommen och elo nach an de leschte Wochen an Deeg déi Schwieregkeeten derbäi, datt et och wahrscheinlech méi schwéier gëtt e Prêt ze kréien, fir wann ee sech wëllt en Eegenheem uschafen.

Oder mir hunn dann deen Effet, datt d'Leit an d'Grenzregioune vun den Nopeschländer regelrecht auswanderen. An Däitschland hu mer jo do déi Kolonien op där anerer Säit vun der Musel, do wou d'Brécke sinn. Et ass och interessant, gëschter an der Kommissioun krute mer Auskunft iwwert d'Zuel vun deene Leit, déi an d'Nopeschregioune ginn.

Ech hat nach am Juni, bei dem éischte Vote, vun enger Zuel vu 7.000 Leit geschwat - Lëtzebuerger -, déi anscheinend am Ausland géife wunnen. Awer gëschter krute mer gesot, datt dat vun 2001 u bis 2008 12.000 Persoune wieren. Ech louch also do wäit drënner, wat ech mat menge 7.000 avancéiert hat.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Et muss een och berücksichtegen, datt ëmmer méi Jonker méi laang doheem bleiwen, well se eben net déi néideg Mënz hunn, fir sech kënnen eng Wunneng unzeschafen.

(Interruption)

Ech hat gesot, och am Juni, datt de Pacte logement, esou wéi e virläit, keng adequat Äntwert ass op d'Versoe vum Premier a senger Regierung - „d'Versoe vum Premier": deen Term hat hie selwer gesot. Här Clement, esou hat de Premier selwer déi Situatioun duergestallt.

Bon, net nëmmen dat. De Projet riskéiert eng Rei juristesch a verfassungsrechtlech Problemer ze schafen, déi herno mussen d'Geriichter tranchéieren. Déi Plainte, déi jo elo bei der Kommissioun zu Bréissel agereecht ginn ass, gëtt do schonn en éischte Virgeschmaach.

Den Här Boden huet e Gesetzestext ausgeschafft, wou de Statsrot, Juristen an eng Rei Experten aus deene verschiddensten Domäner all zu enger Konklusioun kommen: Mat dësem Text wäerte mer net haut, an och net an Zukunft, méi schnell an och net méi bëlleg hei am Land bauen. Hei huet d'Regierung, dat muss ee ganz kloer soen, an esou engem wichtegen Dossier versot. Déi Hällewull vu Kritiken a pertinenten Oppositions formelles, déi zu deem Text erakomm sinn, hate jo genuch gesot.

Ee Punkt, dee ganz vill diskutéiert gouf am Projet de loi, ass dee vum staatlechen a kommunalen Agréff an de Wunnengsmaart. Mir sinn net iwwerzeegt, als DP, datt de Stat méi bëlleg a méi schnell ka bauen. Bei öffentleche Gebaier, zum Beispill Schoulen an aner Gebaier, gesi mer dat ëmmer erëm, datt dat oft fënnef, sechs a méi Joren an Usproch hëlt, an och zu Lëtzebuerg kann d'Spill vun der Offer an der Demande nun emol net ausser Kraaft gesat ginn, wéi mer dat an de leschte Statistike jo och gesinn hunn.

Wann also d'Gemengen als Promoteur optrieden, mussen alleguerten d'Décisiounen duerch de Gemengerot a vum Innenministère approuvéiert ginn. Ech hat och schonn am Juni gesot, datt vun der Ënnerzeechnung vum Pacte logement bis zum Schlësseliwwerreeche wäerten alt bis zu aacht

Joer oder méi vergoen. An där Zäit muss sech de Gemengerot - ech hat deemools dem Här Chamberspresident d'Lëscht eragi mat deenen eenzelnen Etappen - 14 Mol mat dem Dossier befaassen, a vun der Säit vum Innenministère si 36 Genehmegungen noutwendeg. Wien dat net wëllt gleewen, dee kann dat nokucken. Ech huelen un, Madame Presidentin, datt dat nach hei iergendwou wäert an den Archive vun der Chamber klasséiert sinn.

Et ass och erstaunlech, datt op eemol dann den Innenminister respektiv d'Regierung d'Gemengen als Promoteur gesäit, well bis elo ganz oft d'Initiative fir méi geschäftlech Autonomie, zum Beispill als Exploitant vun erneierbaren Energien, ëmmer haaptsächlech vum Innenministère ofgeblockt gi sinn. Dernieft muss een dann och, wann ee wëllt méi schnell bauen, onbedéngt d'Flächennotzungsgesetz vun 2004 reformëieren, fir eben déi Prozedursdauere verréngeren ze kënnen. Och hei huet d'Regierung hir Aufgaben net gemaach.

Insgesamt stelle mer fest, an dat huet jo och nach viru kuerzem den Handwierkerverband gesot, datt mer hei zu Lëtzebuerg einfach ze laang Prozeduren hunn, an datt dat sécherlech och am ganze Secteur vum Immobilier en Hënnernis ass.

Wann de Stat an d'Gemengen als neien Acteur op de Marché kommen, gëtt de Bauterrain hei zu Lëtzebuerg och net méi bëlleg. Mat der öffentlecher Hand kënnt en zousätzlechen Acteur op de Marché, deen d'Demande dann nach an d'Luucht dreift. Ech wëll betounen, datt, och wa mer gëschter Statistike kruten iwwert d'Präisser vun den Haiser an Appartementer, keng Donnéeë virgeluecht gi konnten iwwert d'Präisser vun den Terrainen. Bei den Terrainen ass et op alle Fall esou, datt do d'Präisser nach ëmmer ganz héich sinn. Wann elo nach en zousätzlechen Interessent, en zousätzleche Keefer, de Stat oder d'Gemengen, optrieden um Marché, dann ass et jo normal, datt de Produit wäert méi deier ginn, datt d'Präisser an d'Luucht ginn. Ech hat dat am Juni „basic economy" genannt.

Den Här Boden hat am Juni gefrot, wat mir da géifen am Géigesaz proposéieren. Mir hunn - an ech ginn elo hei net op all déi Punkten an - ënner anerem an eisem Familljepabeier stoen, datt mer derfir sinn, de Familljen hei zu Lëtzebuerg méi konsequent beim Kaf vun enger Wunneng ze hëllefen an ze kucken, datt se méi bëlleg dorunner kommen. Duerfir hu mer e Wunngeld fir Familljen hei zu Lëtzebuerg proposéiert. Esou eng Leeschtung, mir hunn dat vun Experten iwwerpréiwe gelooss, wier net exportabel, déi géif all deenen hei am Land zeguttkommen, déi Kanner hunn an déi hei wëlle wunnen a bauen. Doriwwer eraus kënnt een dann déi Hëllefen och méi selektiv staffelen an och sozial ausriichten.

Verschidde Mesuren, déi de Pacte logement virgesäit, sinn net konform zur Constitutioun. Ech zielen dann nach eng Kéier schnell e puer op, déi wichtegst: D'Virkafsrecht fir d'Gemengen, de Stat an de Fonds du logement verstéisst géint den éischte Protokoll vun der europäescher Convention des droits de l'Homme souwéi géint den Artikel 16 vun eiser Verfassung, deen den Droit de propriété regelt. Doriwwer eraus muss ee sech och nach froen, ob, wann d'Gemengen dat Virkafsrecht hunn, se déi néideg finanziell Ressourcen hunn, fir esou e Recht kënnen auszeüben.

D'Juriste weisen dann och nach op eng aner Schwieregkeet hin, an zwar op d'Dispositioun, déi virgesäit, datt de Projet vun engem Promoteur vun enger gewëssener Gréisst u muss 10% Sozialwunnengen enthalen. Dat verstéisst géint den Artikel 10bis, 11 a 16 vun eiser Verfassung souwéi géint den éischten Artikel vum Premier Protocole. Doriwwer eraus muss ee sech och froen - wa Privatprojete soziale Wunnengsbau beinhalte mussen -, wéi dat geregelt ass par rapport zu der Situatioun vum Fonds du logement zum Beispill. Kréie se déiselwecht Hëllefe respektiv kënne se do och op déiselwecht Subside vum Stat zréckgräifen, oder si se do benodeelegt an et gëtt fir si quasi eng Zort vu Concurrence déloyale?

Dann ass do nach déi steierlech Begënschtegung vun de Plus-valuë beim Verkaf vun Terrainen un d'öffentlech Hand, déi géint den Artikel 10bis vun eiser Constitutioun verstéisst. De Statsrot huet sech a sengem Avis jo och formell dergéint ausgeschwat, dee Prinzip bäizebehalen, wouno d'Plusvaluen, déi ee beim Verkaf vun engem Terrain oder engem Haus un de Stat realiséiert, steierfräi sinn, beim Verkaf un e Particulier oder Gesellschaften awer net. D'Regierung geet also geziilt an eng Richtung vun enger manifester Atteinte un de Prinzip vun der Egalitéit virun de Steiergesetzer. Et wäert also sinn, wéi esou oft, datt de Pacte logement herno wäert vun de Geriichter a seng Grenze verwise ginn.

E weidere Punkt, dee vill Froen opwerft, ass dee vun de Subventioune fir d'Gemengen, déi e Pacte logement ënnerschreiwen. Falls ee Subventiounen un d'Gemenge gëtt, si mer der Meenung, datt een dat muss no Kritäre maachen, déi eng Gemeng erfëllt, an net nëmme well eng Gemeng eng Konventioun ënnerschriwwen huet. Hei versicht de Stat jo och nees eng Kéier eng Emprise op d'Gemengen ze kréien oder seng Emprise op d'Gemengen auszebauen, wat net konform zum Artikel 99 vun der Verfassung ass. Mir sinn éischter der Meenung, datt, wann d'Gemenge méi Subventioune vum Stat kréien, se méi ofhängeg vum Zentralstat ginn. Dat ass awer net déi Aart a Weis vu Politik, déi eise Virstellungen entsprécht, wéi een d'Land ze verwalten huet.

Mir wëlle staark Gemengen, déi hir eegen Initiativen ergräife kënnen, an duerfir sollt een éischter iwwerleeën, déi Suen ze benotzen, fir eng Reform vun de Gemengefinanzen an Ugréff ze huelen. Mir sinn och dergéint, datt et de Gemenge soll iwwerlooss bleiwen, eng Steier op net bebautem Terrain oder net bewunnte Wunnengen ze erhiewen. De Statsrot huet jo och a sengem Avis drop higewisen, datt dës Mesure eng Violatioun vum Prinzip vun der Autonomie communale ass, mä, wéi gesot, d'Regierung hält trotzdeem och un deenen Dispositioune fest.

E lescht Wuert nach zu deem manner juristeschen, mä méi konzeptuellen Aspekt vun deem ganzen Text. Do wéilt ech nach eng Kéier op den Avis vum Dokter Ewringmann zréckkommen, dee monéiert huet, datt ee misst vill méi geziilt ausgewielte Projete finanzéieren, an datt dat misst besser op den IVL ofgestëmmt ginn, well soss den Effet virun allem doranner géif bestoen, datt d'Perimetere géifen ausgeweit ginn, wat net am Sënn vun der Nohaltegkeet a vun enger rationeller Notzung vum Buedem wier. Dat ass eppes, wat an eisen Aen och ganz wichteg ass, datt mer do sollten e Gesamtkonzept hunn.

Wéi hänkt dat Ganzt zesumme mam IVL? Dat ass jo dee berühmtene Pabeiertiger, wéi den Här Halsdorf gesot hat, dee jo awer nach ëmmer, souwäit ech dat feststelle kann, net vun der Regierung a Fro gestallt ass. Wéi agencéiert sech dee ganzen Text mat dem Plan sectoriel logement, wou den Här Halsdorf nach ëmmer kee Plang virgeluecht huet?

Madame Presidentin, ech maachen et kuerz, ech wëll just op déi aner Argumenter verweisen, déi ech och am Juni a menger Ried méi ausféierlech duergeluecht hunn. Am Résumé bleift dëse Projet de loi e Fléckwierk, wou dat Zesummespill tëschent Ekologie, Ekonomie a Soziales, also d'Nohaltegkeet net zum Droe kënnt.

Madame Presidentin, mir si weiderhin der Meenung, datt dëse Projet net effizient, net nohalteg ass. Baue gëtt mam Pacte logement, esou wéi en hei virläit, net méi bëlleg an et gëtt och hei zu Lëtzebuerg net méi schnell doduerjer gebaut, an d'Leit kommen net méi schnell zu Wunnengen.

Den Text, deen d'Regierung virgeluecht huet, werft dernieft ganz pertinent rechtlech Froen op, déi nei Problemer wäerte mat sech brëngen, déi an Zukunft dann erëm musse vun de Geriichter tranchéiert ginn. Et wäert lech also net verwonneren, datt mir och dës Versioun vum Pacte logement, déi déiselwecht ass wéi am Juni, net wäerte stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Berger. Als nächst Riednerin ass d'Madame Spautz ageschriwwen.

Mme Vera Spautz *(LSAP)*.- Merci, Madame Presidentin. Kolleeginnen a Kolleegen, eigentlech huet un den Donnéeën näischt changéiert, awer och absolut näischt changéiert vun deem, wat mer viru véier Méint diskutéiert a gestëmmt hunn. Also, ech hunn elo eigentlech keng nei Erkenntnis an deem héieren, wat de Vertrieder vun der DP gesot huet.

Fir mech gëtt et zwou Saachen, déi wesentlech changéiert hunn, vun deenen ech awer denken, dass kee Mënsch hei am Sall se sech esou konnt virstellen. Dat Éischt ass awer schonn déi zimlech Onverfruerenheet an dee Culot, deen ee muss hunn, fir zu Bréissel anonym - anonym! - eng Plainte ze maachen.

Ech hu viru véier Méint gesot, et wäerten nach eng Rei Lobbyisten hei fatzeg géint dee Pacte logement Stuerm lafen. Ech hat gesot, dass och mir als LSAP gäre gehat hätten, a verschiddene Punkte kënne weiderzegoen, wat awer elo net de Fall ass, an dass eng ganz Rei Lobbyisten, anerer awer, géifen nach ganz massiv dru schaffe bis zum zweete Vote, fir kënne verschidde Saache verhënnert ze kréien. Dass et esou wäit géif goen an dass déi hir Fratz esou géife weisen, dat heescht, andeem se hir Fratz net weisen...

(Interruption)

...an anonym - anonym! - eng Plainte maachen, dat ass scho wierklech e ganz staarkt Stéck!

(Interruptions)

Gëschter ass an der Kommissioun schonn eng Kéier gesot ginn,...

(Interruptions diverses)

Gëschter ass schonn eng Kéier an der Kommissioun doriwwer eppes gesot ginn. Här Henckes, Dir kënnt deenen dat da soen, déi déi Plainte gemaach hunn, wat hei geschwat ginn ass a gëschter geschwat ginn ass an der Kommissioun. Also, et ass e staarkt Stéck, fir sech net ze weisen an anonym Stuerm ze lafen.

Den zweete Punkt, deen ech awer - an ech denken och eng ganz Rei Leit - méi wichteg fannen, oder wat den neie Moment ass elo beim zweete Vote vum Pacte logement, dat ass dat, wat eis zënter enger Woch oder 14 Deeg wierklech an Otem hält, dat ass d'Finanzkris.

Dovunner wäerte mer Auswierkungen hunn op dat, wat elo gestëmmt gëtt, op de Wunnengsmaart, net eleng op de Pacte logement, awer op dat, wat um Wunnengsmaart hei leeft. Ech denken, do wäerten eng ganz Rei Saachen op eis zoukommen, wou mer musse soen, do musse parallell elo scho Mesurë geholl ginn, fir an eng Richtung ze goen, fir dat kënnen opzefänken.

Et wäerte Leit herno déi Präisser net méi kënne bezuelen, déi gefrot ginn, respektiv net méi op de Banke Geld geléint kréien, an et wäert och eppes passéieren, wou mer ëmmer virdru gewarnt hunn, parallell zu deene Mesuren, déi elo a Kraaft trieden, wéi dat och zum Beispill beim Mietsgesetz an och elo beim Pacte logement war: Mir musse vill méi an de Locatif eragoen, kucken, Mietwunnengen zu abordabele Präisser ze kréien, fir Leit opzefänken, déi an Zukunft wäerte ganz staark Problemer kréien.

Dat si fir mech déi zwee nei Momenter: d'Finanzkris an dat falscht Spill, wat gedriwwe ginn ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Nach wie vor ass et esou, dass eis Partei dëse Pacte logement wäert stëmmen, och, wéi ech gesot hu viru véier Méint, mat schwéierem Häerz. Trotzdeem ass et eng Mesure, a mir wäerte mathëllefen, anerer ze entwéckelen, fir dass et net zu der absoluter Kris och hei um Wunnengsmaart kënnt, esou wéi mer se elo kennen an de Finanzen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

M. le Président.- Merci, Madame Spautz. Den honorabelen Här Kox huet d'Wuert.

M. Henri Kox *(DÉI GRÉNG)*.- Ech wäert probéieren, mech kuerzzefaassen an awer just op dee wesentleche Punkt nach eng Kéier zréckkommen, firwat mir dëse Pakt wëllen oflehnen.

Wéi Der wësst, ass virun enger gudder Woch oder zéng Deeg um Kierchbierg d'Semaine du logement ageweit ginn, wat a sech eng ganz flott Saach ass - dat soll een och emol eng Kéier ervirsträichen. Dat si jo och positiv Elementer, déi do lafen, well et kritt een eng Abberzuel vu gudden Informatiounen do.

Wat mech awer e bëssen iwwerrascht huet, dat ass d'Konklusioun oder d'Ausso vum Här Minister bei der Ouverturesried, zum Beispill: „D'Lag um Wunnengsmarché huet sech berouegt: D'Moossname vun der Regierung hu Wierkung gewisen, esou datt d'Wunnen hei zu Lëtzebuerg och an der Zukunft fir jiddfereen erschwénglech bleift." An nach e weidere Punkt: „De Pacte logement huet derzou bäigedroen, datt eng Abberzuel vu Wunnengsobjekter de Wee op de Maart zréckfonnt hunn."

(Interruption)

Tipptopp, mir brauchen also dëst Gesetz guer net méi ze stëmmen, well schonn d'Ukënnegung eleng vum Gesetz Angscht a Schrecken ënnert de Promoteuren ausgeléist huet, eng Angscht, déi dozou gefouert huet, dass d'Offer um Marché neierdéngs méi grouss ass wéi d'Demande.

Ech muss lech awer enttäuschen: Déi Freed kënne mir awer net esou direkt mat lech deelen. Net dass mir eppes dergéint hätten, dass d'Präisser elo endlech erofginn. Mä dat eleng op d'Aarbecht vun der Regierung zréckzeféieren, schéngt mer awer e staarkt Stéck ze sinn.

De Marché huet sech säit 2004 staark verännert. Mir sinn u sech net méi am selwechten Zeenario, wéi wéi éischt Diskussiounen ëm de Pakt ugefaangen hunn. Villes huet sech säitdeem geännert, vun der momentaner Finanzkris - et ass virdru gesot ginn - an der Gefor vun engem Iwwerschwappen op d'Realekonomie emol guer net ze schwätzen. Eng Finanzkris, déi sécherlech och hei zu Lëtzebuerg Auswierkungen op de Wunnengsmarché wäert hunn.

Säit 2004 huet d'Unzuel vun de Bauautorisatioune Joer fir Joer stänneg zougeholl. D'Resultater vun deene Bauautorisatioune si schwaarz op wäiss an de rezente Publikatioune vum Observatoire de l'Habitat nozeliesen. D'Präisser ginn effektiv bei der Vente vun den Haiser an och vun den Appartementer säit dem éischten Trimester 2008 lues awer sécher erof, ëm de Schnëtt vun 3%. Ze hoffen ass, dass dat och en dauernde Prozess wäert bleiwen.

Et stellt sech d'Fro, wien dann elo responsabel ass fir d'Autorisatioune vun den Haiser auszestellen, de Stat oder d'Gemengen? Et sinn natierlech d'Gemengen, déi d'Autorisatiounen ausgestallt hunn. Si waren déi, déi grouss Effortë gemaach hunn, fir zu dëser Entwécklung bäizedroen.

Wann Dir et vläicht net wëllt soen, ma da soen ech et fir lech, nämlech e Merci u sämtlech Gemenge vu kleng bis grouss, IVL-konform oder net IVL-konform. Dir hutt derzou bäigedroen, dass endlech eng Entspanung um Wunnengsmarché festzestellen ass.

D'Gemengen hu kee Pakt mat dem Stat gebraucht. D'Gemengen hu keng Sue gebraucht, fir d'Autorisatiounen auszestellen. D'Gemengen hunn aus fräie Stécker all déi Jore scho Bauprojeten autoriséiert. Wat éischter vun de Gemenge gebraucht gi wär, wär eng staatlech Hand, fir ze hëllefen, statt engem staatleche Fanger, fir unzekloen.

Firwat - nach eng Kéier kuerz - mer haaptsächlech dëse Projet oflehnen: Mir fannen et nach ëmmer falsch, datt hei de Stat probéiert, sech mat Geld aus der Wunnengspolitik fräizekafen an dobäi déi ganz Verantwortung op d'Gemengen ofzewälzen. Geld, wat an eisen Aen an déi falsch Richtung wäert fléissen an d'Feelentwécklung vun de leschte Jore souguer nach zementéiere wäert.

Dëst Gesetz féiert just zu méi groussen Onzefriddenheete bei de Gemengenautoritéiten. Besonnesch kleng Landgemenge wäerte probéieren, och un déi Suen ze kommen. Et kann een hinnen dat emol guer net verdenken, wëssend, dass jo stänneg nei Aufgabe vum Stat op d'Gemengen ofgewälzt ginn. Fir déi Suen awer vum Pakt ze kréien, musse si mindestens 30 nei Awunner am Joer ophuelen. Dëst bedeit bei enger Gemeng vun 1.000 Awunner e Wuesstum vun 3% pro Joer. Op d'laang Siicht kann dat nëmmen zu engem onkoordinéierte Wuesstum vun de Landgemenge féieren, besonnesch wa gewosst ass, dass grad am ländlech Raum de meeschte Bauterrain nach ze fannen ass.

Wann een dann nach héiert, dass vum Intérieursministère och nach éischter an dëse Landgemengen op Eefamilljenhaiser gesat gëtt, kann ee sech liicht ausmolen, wéi de Flächeverbrauch weiderhin an d'Luucht wäert goen. Dëst ka jo awer net am Sënn vun enger nohalteger Entwécklung sinn.

Aner Gemengen, déi duerch natierlech Gegebenheete vun hirem Terrain, vun hirer Topographie, vun hirer Geographie net d'Méiglechkeet hunn, ze wuessen, ginn eidel aus. Dee Frust konnt ee jo scho bei munchen Zeitungsartikele vu Gemengerotsberichter, wou et iwwert de Pacte logement goung, noliesen.

Aner Gemengen erëm mussen, fir un de Genoss vun deene Suen ze kommen, spezifesch Taxen aféieren. Taxen, déi wuel hir Berechtegung hunn, déi mir jo och scho laang matgefuerdert hunn, wéi déi op Baulücken oder och vun eidel stehenden Haiser, déi awer net an all Gemeng agefouert musse ginn. Esou kënnt et, dass déi eng Gemeng

ouni Taxen un de Genoss vun de Sue kënnt an déi aner dergéint déi Taxen natierlech muss aféieren.

Mir hunn do vun deenen 117, mëttlerweil 116 Gemenge bestëmmt och herno, wa se all ënnerschreiwen, ënnerschiddlech Konventiounen.

Wéi a wien décidéiert, ob déi Konventioun dann elo richteg agehale gëtt? Wéi ass et mat der Transparenz vun dëser Entscheedung, déi an eisen Aen op vill ze vill subjektive Kritäre berout? Et ass dëst, wat ech hei nach eng Kéier wollt ënnersträichen. Mir hätten et léiwer gesinn, dass déi Suen an eng staatlech Wunnengsbaugesellschaft komm wären, déi am Numm vun de Gemengen Terrainen dofir opkeeft. Well et kann net sinn, dass d'Gemeng Punkt fir Punkt eenzel Projeten opkeeft oder Terrainen opkeeft ouni de landesplaneresche Kritären ze entspriechen.

Duerfir zum Schluss nach eng Kéier: Gitt lech e Ruck, stëmmt d'Gesetz net an iwwerleet lech nach eng Kéier landesplaneresch Kritären anzeféieren, fir eng gutt an nohalteg Politik hei auszeféieren!

Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Kox. De leschte Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer déi leschte Kéier iwwert dëst Gesetz debattéiert hunn, hunn ech gesot, datt ech dem Här Logementsminister géif félicitéieren, well hien et fäerdeg bruecht huet, dat schlechteste Gesetz vun dëser ganzer Legislatur ze déposéieren.

Et ass dat Gesetz, wat effektiv net de Wunnengsbau méi bëlleg a méi attraktiv mécht, mä méi deier. Alles ass hei an dësem Gesetz gemaach, fir de Wunnengsbau méi deier ze maachen deen Ablack, wou et a Kraaft trëtt. Woufir? Ma well mer scho wëssen, datt mer ganz laang Prozeduren hunn, fir zum Beispill e PAP genehmegt ze kréien. Theoretesch sinn et sechs Méint, mä praktesch gesäit een oft, datt dat fënnef a sechs Joer an der Moyenne dauert, deen Ablack, wou de PAP e bësse méi grouss ass.

Do hat ech mer erwaart, datt d'Regierung géif Akzenter setzen, fir e bësse méi Leit anzestellen, fir ze kucke fir d'Prozeduren ze vereinfachen, datt deen, deen an en Terrain investéiert, well e wëllt bauen, deen Ablack net jorelaang muss mat senger Investitioun, senge Sue waarden, well et einfach administrativ net virugeet. An elo kréie mer nach méi Formalismus an dat Ganzt mat eran. Dëst Gesetz gëtt also just nuren en Trend, fir de Wunnengsbau méi deier ze maachen.

Den Här Minister - ech weess dat - huet ëmmer eng gutt Excuse. Hie seet: Dat war ënnert der viregter Regierung déi béiss DP, déi ons dat doten octroyéiert huet. Dat ass net onbedéngt…

(Interruption)

Et war eng Kommissioun heibannen, déi dat déi leschte Kéier majoritär guttgeheescht huet, an de Minister muss dat elo ausféieren.

(Interruption)

Dat mag och nach sinn, mä d'Resultat ass awer net gutt. A wann ee gesäit,…

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Dir hat erëm eng gutt Influenz.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- …wat dobäi erauskënnt, da gesäit een, datt dat heiten e schlecht Gesetz ass, wat net nuren näischt zum Wunnengsbau bäidréit, fir e méi bëlleg ze maachen, mä wat zum Problem, fir méi Sozialwunnengen a méi Mietwunnengen ze kréien, wat d'Aufgab vum Stat ass, näischt Wesentleches bäidréit. Och do ass effektiv e Manktum do.

Da muss ee festhalen, datt mer elo nach déi juristesch Schwieregkeeten, op déi mer bei der leschter Debatt higewisen haten, direkt illustréiert kréien duerch déi Plainte, déi net anonym ass; bei där also ganz identifizéiert ass, wien et war. D'Commission européenne weess dat.

(Interruption)

Dat Eenzegt, wat ass, dat ass, wann Der am Formulaire kuckt, deen et dofir gëtt, do steet dran: « tes-vous autorisé à dévoiler l'identité?» Et ass deen Ablack net anonym. Dat heescht, eng anonym Plainte ass et net.

Dat, wat à la base ass, ass eng Violatioun vun den Artikele 86, 87 an 88 vum Traité de Rome. Et geet notamment ëm eng etlech Artikelen aus dem Gesetz vum Pacte logement, an zwar déi Artikelen 30-5, 31-6, 30-2.1, 30-2.2 an 3, Alinea 6. Dat sinn déi Texter, wou effektiv eng Violatioun oder eng Contradictioun besteet mat den Dispositioune vum Traité de Rome an och mat deenen Décisiounen, déi d'Europäesch Kommissioun a ganz ville Fäll scho geholl huet, notamment wat déi Hëllefen an déi indirekt Hëllefe bei dem Droit de préemption ugeet. Do si schonn ähnlech Condamnatioune virgeholl ginn.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat ass wierklech egal wat! Dir sot egal wat!

(Brouhaha général, hilarité et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Bettel, ech hunn lech als Riedner ageschriwwen.

(Brouhaha général)

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dir sot egal wat!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här Minister Boden, Dir verwiesselt mech mam Här Bettel. Mä ech wëll just nuren eppes soen,…

(Hilarité et brouhaha)

…dat ass, datt déi Décisiounen… Ech wäert mer erlaben, Här Minister, lech e klengen Avis juridique zoukommen ze loossen.

Une voix.- Aaahhh!

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift!

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Hei hunn ech nämlech eng ganz labber Zuel vun ongeféier 15 Décisiounen, déi an déi Richtung ginn. Dat ass d'Typologie des aides illicites au titre de l'article 87 vum Traité. Do steet dran: «Aide aux investissements concernant l'achat d'un terrain et construction d'un bâtiment». Do gëtt et där Saachen nach e puer, esou datt et héchstwahrscheinlech…

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här Henckes, hutt Der och schonn eng Kéier de Logement social gekuckt?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Ech hu gekuckt. Et ass kloer: Deen Ablack, wou et ëm de Logement social geet, ass et richteg, datt däerf subsidiéiert a gehollef ginn.

(Interruption)

Mä nure fir de Logement social an nure fir d'Mietwunnengen.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dat ass och net richteg.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Mä deen Ablack, wou Der higitt an Dir élargéiert op eng Kéier de Champ d'application aus enger Entreprise publique, esou datt et op munch Aart, dat heescht, datt et en fait d'selwecht ass wéi iergendee private Promoteur, wou hien déiselwecht Missioune kritt, da geet et net méi.

Et wäerten och, Här Minister, souwisou mat dësem Gesetz nach Schwieregkeete kommen, wann dat Gesetz, wat d'Regierung déposéiert huet iwwert d'Marchés publics, hei an der Chamber gestëmmt gëtt. Well do steet dran, datt all Kéiers wann eng Privatentreprise oder en öffentlechen Träger 50% oder méi Subside kritt fir iergendeppes, da muss se iwwert de Wee vum Marché public virgoen, fir déi Aarbechte kënnen ze maachen. Dat ass och eppes, wat nei ass.

Elo wäert Der mer soen: Da maachen ech et mat 49%. Dat ass elo eng aner Geschicht. Mä et gesäit een, datt een op jidde Fall mat dësem Gesetz net weiderkënnt. Et si vill juristesch Schwieregkeeten, ofgesinn och nach elo hei, wat den Traité de Rome ugeet. Mä mir wëssen, datt et viraussiichtlech och nach wäert zu Prozesser kommen, wat d'Verfassung ugeet, well och do Contradictioune sinn a Privileger festgehale ginn, déi géint ons Verfassung verstoussen. On n'est pas sorti de l'auberge. Dofir géif ech mengen, datt een op jidde Fall esou engem schlechte Gesetz nuren eng Äntwert ka ginn: Neen!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Är ganz Fraktioun ass fort. Et huet keen et gepackt vun Ärer ganzer Fraktioun, Här Henckes.

M. le Président.- Elo huet fir d'éischt den Här Jaerling d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Wann Der d'Aarbechtsfraktioun gesitt, da si mer an de Proportioune gläich.

M. le Président.- Elo huet fir d'éischt den Här Jaerling d'Wuert an duerno den Här Bettel. Här Jaerling, wann ech gelift.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Dir wësst dach näischt am Rechnen.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Also, Här President, hei ass ee vun deene Momenter, wou ee sech ka freeën, dass wierklech d'Riedezäit begrenzt ass.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Dann ass et um Här Bettel.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, ech hu schonn alles gesot.

M. le Président.- Ech hat gemengt, Dir hätt lech wëllen als Riedner hei aschreiwen, well Der lech esou dacks zu Wuert gemellt hat. Dann ass et elo un der Regierung. Den Här Minister Fernand Boden huet d'Wuert.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech versichen et esou kuerz wéi méiglech ze maachen.

Éischtens emol wëll ech festhalen a soen an nach eng Kéier ënnersträichen, wat anerer och schonn emol gemaach hunn, datt d'Pacte-logements-Gesetz eng couragéiert Äntwert ass op de Wunnengsbauproblem hei am Land.

(Interruption)

Beim éischte Vote hat ech jo gesot, et wier e Pakt vun der Hoffnung fir déi Leit, déi sech en Eegenheem wëllen uschafen. Woufir? Ma éischtens emol ass et virgesinn, datt d'Offer soll vergréissert ginn duerch d'Konventioune mat Gemengen. Gemengen, déi sech engagéieren an där Konventioun, fir Efforten ze maachen, eng aktiv Wunnengsbaupolitik ze maachen, fir méi ze wuessen, wéi normal.

Jiddfereen ass mat där Konventioun averstanen, just DÉI GRÉNG net. Ech kommen och nach eng Kéier dorobber zréck.

D'Zil ass nämlech, fir 3.000 Wunnenge pro Joer kënnen ze bauen. Dat ass en ambitiéist Zil, ech weess dat. Am Fong misst jiddfereen, deen am Handwierk täteg ass, doriwwer frou sinn. Jiddfereen, dee wëllt bauen, misst doriwwer frou sinn, an ech mengen de Stat an d'Gemengen zesumme bréngen et fäerdeg, dat Zil ze erreechen, wa se alleguer un engem Strang zéien a vill Gemenge bereet sinn, esou eng Konventioun mam Stat ze maachen.

Zweetens,…

(Interruption)

Oh, mir wëssen alleguer, datt déi gréisser Offer ganz sécher de Präis wäert drécken. Mir gesinn och eng Rei vu Moossname vir, fir zousätzlech dat präisgënschtegt Bauen ze förderen, an zwar d'Ierfpachtrecht, wou am Fong d'Käschte vum Terrain neutraliséiert ginn, wat jo och an deem Pacte-logements-Gesetz hei verstäerkt a verbessert gëtt. An a Lotissementer iwwer een Hektar, do mussen 10% Logements à coût modéré sinn. Dat wäert also och d'sozial Mixitéit vergréisseren an d'Präisser no ënnen drécke fir Leit, déi manner héich Akommes hunn.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Dann hat ech och déi leschte Kéier gesot, datt et wichteg wär, datt mer eng besser Maîtrise kréie vu Grond a Buedem. Dat gëtt gemaach iwwert d'Virkafsrecht, wat jo ville Leit um Mo läit.

D'Chambre immobilière huet dat déi Deeg erëm eng Kéier gesot. Mä ech mengen, dat wär eng gutt Méiglechkeet, fir datt laangfristeg och Stat a Gemenge kënnen am richtege Moment Terrainen op de Marché ginn, fir d'Präisser no ënnen ze drécken. An och iwwert déi Steierbefreiung vun de Plus-valuë beim Verkaf u Stat a Gemenge vun Terrainen.

Dann hat ech och gesot déi leschte Kéier, datt et e Pakt vum Däiwel wär fir déi, déi sech duerch iwwerhéichte Baulandpräisser eng gëllen Nues verdénge wëllen.

(Brouhaha)

Ech hunn och d'Impressioun - an ech mengen, vill Leit deelen déi Impressioun -, datt déi Plainte bei der Bréisseler Kommissioun, vun där hei geschwat ginn ass, aus deene Kreesser kënnt.

Une voix.- Frot den Här Henckes!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Ech kann nëmme mat der Madame Spautz d'accord sinn, datt et e bëssen,…

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift, da lauschtert awer ee Moment no!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- …datt deen op d'mannst net vill Courage bewisen huet, fir sech net offen zu där Plainte do ze bekennen.

Wann ee gutt Argumenter huet, da soll ee sech dozou bekennen an déi Argumenter och plädéieren. Si haten dee Courage net, an ech mengen och, datt se net vill Chancen hätten, mat där Plainte duerchzekommen.

Well et ass net wéi den Här Henckes seet, et wäre schonn Uerteeler do, wou State veruerteelt gi waren am Logement social. Am Contraire! Ech hunn dem Här Henckes an och dem Här Gibéryen op d'Questions parlementaires an deem Sënn och geäntwert. Ech hu Jurisprudenzen zitéiert: den Arrêt Altmark. Et ass eng nei Jurisprudenz derbäikomm, den Arrêt BUPA, wou ganz kloer gesot gëtt, datt am Logement social Ausnahme gemaach ginn, datt do d'Länner ganz vill Méiglechkeeten hunn, fir eben do anzewierken, derfir ze suergen, datt an deem Beräich kënnen Effortë gemaach ginn, fir d'sozial Kohesioun ze förderen, an datt d'Länner do eng ganz grouss Fräiheet hunn, fir ze agéieren. Also, mir wäerte schonn op déi Saachen äntwerten.

Bei där Plainte sinn och eng ganz Partie Saache gesot ginn, déi falsch sinn. En Haaptargument vun der Plainte ass, datt gesot gëtt, et wär e Monopol do fir de Fonds du Logement, fir d'SNHBM a fir d'Gemenge beim soziale Wunnengsbau. Dat ass jo guer net richteg! Beim Verkaf kréien d'Privatpromoteuren och Bäihëllefen. D'privat Bauträger musse just genee déi Konditiounen erfëllen, déi déi aner och mussen erfëllen.

Bis elo huet een dovu profitéiert, fir en normalen, richtege Lotissement ze maachen. Deen huet och seng Bäihëllefe kritt. Wat muss hie maachen? Hie muss à livre ouvert beweisen, datt hien all déi Bäihëllefen, déi hie kritt, weidergëtt un d'Acquéreuren.

Am Reglement ass dat festgehale ginn. Also jiddfer Privatpromoteur, dee wëllt soziale Wunnengsbau maachen, brauch nëmme bei de Wunnengsbauminister ze kommen, da maache mer eng Konventioun, wou dat drasteet, an da kann hien déi Bäihëllefe kréien.

Also ass et guer net richteg, wat do an där Argumentatioun steet. Et ass kee Monopol do vum Stat, de Gemengen, der SNHBM oder dem Fonds du Logement, fir soziale Wunnengsbau ze maache wat Vente ass.

Wou se näischt bäikréien, dat ass beim soziale Mietwunnengsbau. Mir wëssen alleguer, datt do iwwerhaapt kee private Promoteur drun denkt fir matzemaachen. Well do d'Loyere fixéiert sinn opgrond vun de Revenuë vun de Leit, déi doranner wunne kommen. Do si Prioritéite festgehalen, wien an esou Wunnenge kommen däerf.

Dat heescht, et ass nëmmen en defizitäert Geschäft. Also, wa se et gären hätten, ech ka maachen, datt se déi nämlecht Konditioune kréie wéi déi aner. Mä ech denken, datt an 20 Joer nach keen drun denkt, fir do Sue bäizeleeën.

Dat heescht, wann dat sollt de Problem sinn, ass guer keng Schwieregkeet do, datt se och ënnert den nämlechte Konditioune kënne Logement locatif social maachen, wann dat de Wonsch ebe wär. Mä ech mengen, dat ass en absolut net.

Hei ass et drëm gaangen, fir dee Pacte logement - d'Deputéiert sollten, hu se vläicht gehofft, op eemol Angscht kréie fir en ze stëmmen - nach weider erauszezögeren, well déi Leit ebe fäerten, duerch de Pacte logement géife vläicht gewësse Saachen, wou se soss konnten déck dervu profitéieren, verluer goen. Ech menge wierklech, datt et wichteg ass, datt dee Pacte loge-

ment kënnt, datt déi Leit, déi wëlle bauen, déi wëlle sech en Eegenheem uschafen zu gënschtege Konditiounen, zu akzeptabele Konditiounen, nei Chancë kréien.

Dat ass ebe wat d'Regierung wëllt maachen, wat d'Majoritéitsparteie wëlle maachen. Hei muss ee Faarf bekennen.

Fir wien ass een? Ass ee fir déi Leit, déi e gutt Liewe kënne féiere mat deiere Baulandpräisser, oder ass ee fir déi Leit, déi wëllen zu akzeptabele Konditioune sech en Eegenheem uschafen?

(Brouhaha)

D'ADR huet ganz kloer gesot, fir wien datt se ass. Si sinn déi Éischt an déi Vehementst, déi antriede fir déi, déi vill Geld verdénge mam Wunnengsbau. Dat ass déi Partei, déi mengt, si wier fir déi kleng Leit!

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

Déijéineg, déi fir déi Leit sinn, déi wëllen en Eegenheem uschafen zu akzeptabele Konditiounen, déi sinn och fir gewësse Konditiounen a Moossnamen, déi d'öffentlech Hand kritt, déi d'Gemenge kréien, fir de Wunnengsbau e bësse méi käschtegënschteg ze maachen, fir d'Offer kënnen ze vergréisseren. Bis elo war d'ADR op jidde Fall do dergéint.

Une voix.- Très bien!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- D'DP wonnert mech och e bëssen, dat muss ech éierlech soen. Ech hunn d'leschte Kéier scho gesot, si hu Motioune matgestëmmt, wou ähnlech Moossnamen dra waren, wéi se nach an der Majoritéit waren. Elo si se net méi an der Majoritéit, elo reniéiere se, elo negéiere se dat, wat se virdrun am Fong mat begréisst hunn.

(Brouhaha général)

Jo, den Här Berger war an där Regierung! Hie war an där Regierung!

(Interruptions diverses)

Och hir Appréciatioun vum Wunnengsbaumaart wonnert mech e bëssen. Ech hu bal ëmmer nëmmen héieren, et wär absolut näischt, wat d'Regierung gemaach hätt, si hätt versot, si hätt alles falsch gemaach.

Dann héieren ech den Här Gudenburg op Chamber-TV soen, mir hätte kee Problem am Verglach mam Ausland. Also ech weess net, wat fir eng DP alt hei schwätzt! Si soen eemol dëst, si soen eemol dat anert.

(Interruptions diverses)

Voilà! Jo, et ass gutt! Ech hu gemengt, Dir géift dann e bëssen anescht handele wéi déi, Dir wäert besser wéi déi.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Also, lauschtert emol! Ech versti jo, et ass scho spéit. Mä ech géif awer ëm Är Mataarbecht bieden!

(Brouhaha)

Wësst Der, et sinn net déi Interventiounen, déi hei am haartste sinn, déi ëmmer am fundéiertste sinn! Duerfir loosse mer elo de Minister hei seng Ausféierunge fäerdeg maachen an da komme mer zum Vote.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Wat ass am Fong d'Attitüd vun der DP? Mä si soen, de Maart soll et regelen.

(Brouhaha)

Mir hu bei der Finanzkris gemierkt, wat de Maart alles regelt! Gradesou wéi bei dem Bankesecteur, wéi am Finanzsecteur ass et och hei am soziale Wunnengsbausecteur - an am Wunnengsbausecteur iwwerhaapt - wichteg, datt Regele bestinn, fir datt jiddferee sech kann dee Wonsch no engem Eegenheem méiglechst erfëllen.

(Interruption)

De Maart eleng huet dat net fäerdeg bruecht. Mir mengen, do musse Moossnamen ergraff ginn, an dëse Pacte logement gëtt de Gemengen, gëtt dem Stat d'Méiglechkeeten, fir kënnen ze intervenéieren, fir datt dee Wonsch no engem Eegenheem kann ënner bessere Konditioune stattfannen, wéi dat virdrun de Fall war.

Wéiwäit datt d'Gemengen an de Stat dës Méiglechkeeten ausnotzen oder ausnotze wëllen, dat ass eng aner Fro.

Hei gi laangfristeg Moossnamen erméiglecht, wou de Stat an d'Gemengen eng besser Maîtrise iwwer Grond a Buedem kréien. Si kënne sech Réserves foncières uschafen a si kënne se am richtege Moment op de Marché bréngen, wann d'Präisser géifen ausuferen.

Ech denken, datt déi Berouegung, déi elo um Maart ass, positiv ass. Ech hoffen, datt se och weidergeet, an ech wëll och soen, datt dat, wat hei gesot ginn ass, guer net richteg ass.

Ech hunn net gesot, dat wier den Erfolleg vum Pacte logement! Deen ass net do.

Ech hu gesot, dat wier den Erfolleg vun enger aktiver Wunnengsbaupolitik. An ech hunn an där Ried opgezielt, wou den Här Kox derbäi war, op der Semaine nationale du logement, wat mer alles do gemaach hunn.

(Interruption)

Ech hunn et schonn eng Kéier hei gesot, déi leschte Kéier: 12% Remboursement vun der TVA; all déi Wunnengsbaubäihëllefen, déi mir ginn, méi wéi an iergendengem anere Land. Mir hunn x Moossnamen ergraff, déi de Wunnengsbau solle förderen; Bäihëllefe fir d'privat an öffentlech Promoteuren, wa se wëlle präisgënschtege Wunnengsbau maachen.

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

Ech hunn also net gesot, datt et eleng de Mérite vun der aktiver Wunnengsbaupolitik vun der Regierung wär. Ech hunn och derbäi gesot, datt d'Banken- a Finanzkris och en Deel zu där Berouegung géif bäidroen.

Ech géif awer hoffen a wënschen an och mengen, datt mer net déi nämlecht katastrophal Zoustänn kréie wéi an Amerika oder an aneren Nopeschlänner, wou en drastescht Erofgoe vun de Präisser ass. Och dat wier net ganz glécklech fir d'Lëtzebuerger Ekonomie.

M. le Président.- Här Minister, entschëllegt. Erlaabt Der eng Tëschefro vum honorabelen Här Bettel?

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Jo.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Här President, den Här Minister huet jo elo just vun der DP geschwat. Ech wëll hie just froen: Hunn d'Gemengen op de Pacte logement gewaart, fir elo Sozialwunnengen ze bauen? A wivill Gemenge sinn da schonn interesséiert um Pacte logement? Well de Minister, d'Regierung huet et jo ugekënnegt. Et schéngt, datt schonn déi eng oder aner Gemeng hir Mécontentementer an hir Hostilitéit vis-à-vis vum Pacte logement gewisen hunn. Wivill Gemenge sinn et da schonn, wou dat da soll lafen?

Elo sinn ech awer och gespaant op d'Äntwert, Här President.

M. Marc Spautz *(CSV).*- Mir hu misse 16 Joer waarden, bis d'Stad Lëtzebuerg, vun 1980 un…

M. le Président.- Här Spautz, et ass den Här Minister, deen äntwert!

(Hilarité)

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Also, wann ech et gutt an Erënnerung hunn, Här Bettel, sinn an der Wahlcampagne fir d'Gemengerotswahlen Zuele genannt gi wéi wann an deene sechs Joer virdru 60 Wunnenge vun der Gemeng aus geschaaft gi wären. Also, d'Stad Lëtzebuerg huet wierklech keng grouss Méritten.

Plusieurs voix.- Ooohhh!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ech hoffen a wënschen…

(Interruption)

Oh, ech hunn dat déi leschte Kéier am Detail erkläert. Ech kann et och nach eng Kéier erklären.

M. Xavier Bettel *(DP).*- Dat musst Der dem Här Mosar erklären, dee fir de Logement zoustänneg war, Här Boden. Sot dem Här Mosar dat. Hie wäert sech iwwer Äre Kommentar freeën.

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*-

Ech kann et nach eng Kéier hei widderhuelen.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Mä lauschtert emol!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*-

Ech kann et nach eng Kéier hei widderhuelen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da sot och, wien zoustänneg war!

M. Ben Fayot *(LSAP).*- Also, den Här Bettel ass wierklech dee Leschten, deen hei däerf optrompen.

Plusieurs voix.- Ah!

M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.*- Ech wëll just soen, datt ech e groussen Intérêt bei de Gemenge fanne fir e Pacte logement ze maachen. Wivill der finalement effektiv matmaachen, dat kann ech lech elo net soen. Mir hu Kontakter mat 70 Gemenge gehat. Eng ganz Rei vu Gemenge si begeeschtert, fir matzemaachen an hunn och gudde Wëllen, fir eppes do ze realiséieren, fir ze kucken d'Prozeduren ze beschleunegen, fir aktiv matzehëllefen.

Wou sinn elo Mécontentementer komm, wéi ech dat gelies hunn? Dat ass dee Problem vun den 30 Awunner, déi Minimum musse kommen. Dat ass eppes, wat net a mengem Projet de loi war. Dat ass eppes, wat an der Chamber derbäigesat ginn ass.

(Interruption)

Et ass och net richteg - dat wëll ech och nach soen -, datt se all Joer mussen ëm 30 Awunner wuessen. Si mussen an zéng Joer ëm 15% wuessen. A wa se an engem Joer manner wéi 30 Awunner bäikréien, da kréie se fir dat Joer keng Bäihëllefen. Wa se dat Joer duerno ëm 50 Awunner wuessen, da kréie se natierlech eppes fir dat Joer. Dat heescht, et ass guer net esou, datt een all Joer muss ëm 30 Awunner wuessen. Et muss een an deenen zéng Joer ëm 15% gewuess sinn. Dat ass et.

Ech muss soen, ech wonnere mech iwwert den Här Kox, deen elo hei mécht wéi wann d'Gemenge géife schlecht ewechkommen. Déi leschte Kéier huet hien hei gesot, mir géifen de Landgemengen d'Suen nogeheien an déi dierften iwwerhaapt net wuessen. Hien huet dat och haut erëm hallef gesot, mä et weess een net richteg wat säi Message ass.

Mir hunn déi réckwierkend Moossnam gemaach. Dat huet och d'Chamber gemaach - dat wëll ech soen -, fir just derfir ze suergen, datt déi kleng Gemengen, déi zënter 2003 vill gewuess sinn, net nach mussen onbedéngt an den nächste Jore gradesou vill wuessen, datt déi kënnen déi lescht véier Joer ugerechent kréien, an datt mer deene wollten entgéintkommen, fir och kënne vum Pacte ze profitéieren.

Ech hunn et schonn eng Kéier gesot: Et verléiert keen eppes beim Pacte. Dat Schlëmmst, wat engem ka geschéien, dat ass, datt en null Frang kritt, wann e keng Konditiounen, déi en opgeschriwwen huet, erfëllt.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mä et ass eng eemoleg Geleeënheet, fir sech Gedanken ze maachen: Wat soll an den nächsten zéng Joer bei eis an der Gemeng um Wunnengsbaumaart geschéien? Wou sinn déi Projeten, déi mer wëlle prioritär virundreiwen? Wivill Wunnenge ginn dat? Wivill Awunner kommen da bei eis weider? Da muss een eng zweet Lëscht maachen: Dee Wuesstem do, wat comportéiert deen un Infrastrukturen, déi ech muss maachen? Déi Suen, déi se kréien, si jo geduecht, fir déi Infrastrukture kënnen ze finanzéieren.

Ech menge schonn, datt dee Pacte logement eng gutt Saach ass. Wéi gesot, ech hoffen a wënschen, datt ganz, ganz vill Gemengen do matmaachen. Ech hunn nach gudde Mutt, datt dat esou ass. An ech mengen, datt dee Message, dee mer wëlle ginn, datt d'Gemenge solle matmaachen, och gehéiert gëtt. Ech mierken natierlech, datt gewësse Leit frou wären, wann et der net esou vill wären, mä déi Gemengen, déi net matmaachen, sinn net um richtege Wee.

Da wëll ech just nach op eng Saach agoen, wou och hei vum Här Berger gesot ginn ass, mir hätten eis iwwert d'Bedenke vum Statsrot ewechgesat. Ech muss éierlech soen, datt ech net ganz frou sinn, wéi gewësse Prozeduren hei bei eis am Stat oflafen. Dat soll ee vläicht an aller Rou eng Kéier seriö iwwerdenken.

Mir wëssen, datt de Statsrot Problemer mat dësem Projet de loi hat. Hien huet eng ganz Rei vu Bedenken ugemellt. Hien huet och Opposition-formellë gemaach. Dobäi huet d'Chamberskommissioun an och d'Regierung x Amendementer gemaach, fir deene Bedenken do entgéintzekommen. Et si finalement och vun - ech mengen - 13 Opposition-formellen, déi gemaach si ginn, der dräi rescht bliwwen.

Vun deenen dräi, déi rescht bliwwe sinn, huet d'Chamberskommissioun sech d'Méi gemaach, fir ze argumentéieren, woufir datt si mengen, datt déi dräi Opposition-formellen net berechtegt wären, datt se net ëmmer hirer Meenung no juristesch 100% an einwandfräi argumentéiert wären.

Dat ass esou hei vun der Kommissioun kloer an engem Rapport schréftlech, vum Norbert Haupert och mëndlech, gesot ginn. Ech selwer hunn e puer Argumenter do bruecht. Wat ass d'Resultat dovunner?

Da geet dat nom éischte Vote bei de Statsrot. De Statsrot argumentéiert iwwerhaapt net. An engem Saz setzt e sech ausenaner mat den Argumenter, déi hei an der Chamber développéiert gi sinn, vun der Chamber, vun der Kommissioun. Si soen einfach: Mir refuséieren d'Dispens vum zweete Vote. Ech weess net, ob dat an enger Demokratie, an engem demokratesche Matenaner dee richtege Wee ass. Domadder muss ee sech ausenanersetzen.

Wann d'Chamber haut an hirer Majoritéit seet: Neen, et ass näischt geschitt. Mir hunn e Vote gemaach, duerno ass einfach Nee gesot ginn, ouni Argument. Da soe mir: Da bleiwe mir bei deem, wat mer gesot haten a mir stëmmen och dat, wat mer d'leschte Kéier gestëmmt hunn. Ech géif d'Chamber bieden, esou ze stëmmen, wéi se et d'leschte Kéier gemaach huet.

Ech soen lech Merci.

(Interruptions)

M. le Président.- Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, domat ass d'Debatt ofgeschloss. Mir kommen elo zum zweete Vote constitutionnel vun dësem Projet.

Second vote constitutionnel

Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5696 ass ugeholl mat 38 Jo-Stëmmen, bei 21 Nee-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Lucien Clement), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), Marie-Josée Frank (par M. Ali Kaes), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marc Spautz), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Martine Stein-Mergen), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Michel Wolter), Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. John Castegnaro), Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. François Bausch), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

S'est abstenu: M. Aly Jaerling.

Mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 21.03 heures)